

UPDATE

Datum : Dënschdes, de 24. Mäerz 2020
Destinatär : Ganz Communautéit scolaire
Objet : Weider Informatiounen un eis Schüler
COVID-19

NOTE DE SERVICE

KENG VAKANZ MEE SCHOUL DOHEEM

Léif Schüler, léif Enseignanten,

Di nächst Wochen hu mer d'Geleeënheet an d'Flicht eis voll a ganz op den E-learning ze konzentréieren.

Mir si gutt virbereet well di allermeescht Schüler vum Mamer Lycée hier eegen Tablette hunn.

Dofir géing ech folgend Punkten nach eng Kéier kloer rappelléieren.

- Denkt drun fir all är Bicher, Hefter an den iPad mat Heem ze huelen.
- **Mir erwaarden vun all Schüler dass en all Daag**
 - seng myschool E-Mail-Adress liest
 - d'elektronesch Klassebuch consultéiert wou d'Aufgaben an d'Contenuen dra stinn déi ze léiere sinn
 - säin Teams Grupp consultéiert
 - reegelméisseg schafft a seng Aufgaben mécht a vill liest
 - de Site www.schouldoheim.lu consultéiert
- Wichtig Informatiounen fannt dir ëmmer um Site www.ljbm.lu
- A ganz dringende Fäll kann een op Rendez-vous an d'Schoul kommen, moies teschend 8 an 12 (an der LOGE unruffen an ee Rdv huelen 26 31 40 304).
- An denkt drun: Social distancing; DOHEEM BLEIWEN = LIEWE RETTEN !
- Ech soen Iech elo schonn ee grouse Merci dass dir alleguer an dëser besonnescher Situatioun responsabel a solidaresch handelt fir dem Coronavirus d'Stier ze bidden an trotzdeem vill an deenen nächste Wochen wäert léieren.

Ech hoffen natierlech och dass dir an är Familjen alleguer gesond bleift a wënschen Iech vill Courage!

Claude Christnach
Direkter